PIRATEN

SEKTIOUN
KÄERJENG

Walprogramm

D'Gemeng Käerjeng stäerken fir

2023 – 2029

Matbestëmmung & Transparenz verbesseren

Dir sollt ee Wuert matzeschwätzen hunn !

D'Piraten sinn der Meenung, dass bei wichtegen Dossieren, Projeten oder grousse budgetäre Froen an enger Gemeng de Bierger:inne soll gefrot ginn a selwer matentscheeden. D'Piraten géife méi Matbestëmmung erlaben andeems méi Biergerbegehren oder Referenden organiséiert ginn. Mir wëllen och, dass d'Bierger selwer iwwert ee participative Budget kënnen decidéieren, fir wat hir Steiergelder ausgi ginn.

Livestream vum Gemengerot

D'Piraten wäerten zu Käerjeng méi Transparenz an d'Politik bréngen, grad beim Gemengerot. Mir wëllen een online Livestream fir de Gemengerot aféieren. De Gemengerot muss seng Sitzungen dann iwwert Livestream online iwwerdroen an duerno um Internetsite vun der Gemeng veröffentlechen, ofspäicheren a fir jiddereen accessibel halen.

Aféiere vun engem Biergerrot

Bierger:innen wéi s du an ech zesummebréngen an hinnen eng offiziell Plattform ginn, fir hir Iddien ëmzesetzen. Dat ass d'Iddi vum Biergerrot.
Dëse Biergerrot soll per Zoufallsprinzip zesummegesat ginn a Mënschen an d'Bevëlkerung an der Gemeng representéieren. D'Mandat am Biergerrot wäert inkompatibel ginn mat anere politesche Mandater. De Biergerrot soll eegestänneg schaffe kënnen an dem Gemengerot Propose maachen, op déi d'Politiker da reagéiere mussen. De Biergerrot soll och ee Budget vum Gemengerot bereetgestallt kréien, fir selwer Projeten ze realiséieren a fir d'Organisatioun vum Biergerrot ofzedecken (Sekretär, etc.).

Einfachen Zougang zu Dokumenter op der Website vu Käerjeng

D'Formulare vun der Gemeng mussen ouni Barrièren op der Website ze kréie sinn a sollen an den 3 Amtssproochen zu all Moment fir d'Leit zougänglech sinn. D'Dokumenter sollen och vu Persoune mat visuellen oder auditive Beanträchtegunge kënne verstane ginn.

Ëmwelt, Klima an Natur schützen

Dreck gehéiert an d'Poubelle, net op de Buedem!

Zigarettestëmp, Zigaren, Knätsch oder all Zort vu Material gehéieren net op de Buedem, mee an d'Poubelle! Just mol als Info: een eenzegen Zigarettestomp eleng ka potenziell ee Kubikmeter Waasser verseuchen.

Grad am jonken Alter muss schonn ugesat ginn, fir de Kanner z'erklären, wat fir een Impakt den Dreck op eis Natur huet. Persounen, déi Dreck op de Buedem geheien, musse besser kontrolléiert a bestrooft ginn, wa si hiren Dreck op eise Buedem geheien. D'Gemengebeamte wäerte méi a méi oft op deene Plaze kontrolléieren, wou oft Dreck hannerlooss gëtt an dat och protokolléieren.

Eng propper Gemeng fir jiddereen

Op ëffentleche Plazen an a Gemengegebaier sollen obligatoresch Poubellen hikommen, fir den Tri ze maachen. Bei all Busarrêt muss eng Poubelle stoen. Virun all Restaurant a Café sollen Äschebecheren a speziell Poubellë fir Zigarretestëmp virun der Dier ze fanne sinn. Och Hondstute wäerte mat eis iwwerall ze fanne sinn.

Randonnéeën an eiser Natur

Käerjeng huet vill Natur ze bidden a mir wëllen de Leit d'Natur méi no bréngen. Mir géifen dofir kucke Randonnéeën hei an eiser Gemeng z'organiséiere fir de Leit eis Landschaft méi no ze bréngen, dëst zesumme mam regionalen Tourismusbüro. Méiglech Theme kënnen zum Beispill sinn: ee Kräider-Tour oder d'Sammele vu Champignonen am Hierscht. Och fir Mënsche mat ageschränkter Mobilitéit sollen esou Touren ausgeschafft ginn.

Uebstbeem

Leit , déi een Uebstbam an hirem Gaart planzen, sollen dofir finanziell belount ginn.

Beien eng Plaz ginn

Beien an aner Bestäuber si wichteg fir den Erhalt vun eiser Natur. Mir wéilte queesch duerch d'Gemeng an Zesummenaarbecht mat den Imker kucken, fir méi Beienhaiser opzestellen.

Pedagogesch Gäärt an de Schoulhäff

Eis Schoule sollen erëm méi mat der Natur a Kontakt kommen. All Schoul sollt d'Méiglechkeet kréien, fir ee Gemeinschaftsgaart ze kréien, wou d'Kanner (a firwat net och Erwuessener) zesumme Geméis, Uebst, Kräider oder Leguminose kënnen ubauen.

Ouni Luetstatioune keng E-Autoen

Nëmme mat engem gudde Ladenetz maache mer d'Elektromobilitéit méi attraktiv fir d'Leit. D'Gemeng muss zesumme mam Staat dofir suergen, dass d'Stroumleitungen op deene Plazen opgerëscht ginn, fir flächendeckend an enger Gemeng Luetstatioune kënnen opzestellen. Do, wou d'Leeschtung vum Netz net duergeet, soll iwwert separat Stroumproduktioun (zum Beispill Solaranlagen op de Parkingen) Luetstatiounen erméiglecht ginn.

Nohalteg Gebaier ënnerstëtzen

Wou et méiglech ass, musse Gebaier mat Photovoltaikanlagen a Wärmepompelen equipéiert ginn. Leit, déi hir Diercher a Fassadë wëlle begréngen, solle vum Gäertnerei-Service vun der Gemeng gehollef kréien an och finanziell dofir belount ginn.

Reewaasser späicheren an notzen

Et ass wichteg, dass d'Leit dozou ermontert ginn, fir Waasser wärend der naasser Joreszäit ze sammelen an et dann am Summer bei Dréchenten ze benotzen. Mir wëllen dofir finanziell Hëllefe fir d'Leit, déi Waasseropfangbehälter oder Zisterne bei sech doheem installéieren.

Op ëffentleche Plaze solle systematesch Waasserspäicher opgestallt ginn, fir dann am Summer kënnen eis Bauerebetriber oder eis Gréngflächen ze versuergen a fir keen Drénkwaasser dofir mussen ze benotzen!

Drénkwaasser op ëffentleche Plazen

Op Spillplaze souwéi op Trëppelweeër sollen, wann et méiglech ass, Drénkwaasserspender opgestallt ginn.

Solaranlagen massiv ausbauen

Erneierbar Energië si lokal Energien, déi eiser Gemeng an domadder iech direkt zegutt kommen. Wou et méiglech ass, muss Photovoltaikanlage gebaut ginn. Dat kann op Parkinge sinn, op Bushaisercher, op Gemengegebaier oder och op Spillplazen, wou ee souguer interaktiv Spiller mat der erzeegter Energie kéint ubidden, fir de Kanner bäizebréngen, wou eis Energie hierkënnt a wéi een Energie spuert.

Eise Solarplang: d'Gemeng streckt d'Sue vir, d'Leit hunn herno eegene Solarstroum!

Bei Photovoltaik op Wunnengen an Haiser kann d'Gemeng och d'Virfinanzéierung vun der Anlag iwwerhuelen, andeems si den Daach vum Gebai fir ee symboleschen Euro lount an de Prêt iwwert de Verkaf vum Stroum ofbezilt. Nodeems de Prêt ofbezuelt ass, geet d'Anlag an d'Hand vum Proprietär.

Intelligent Beliichtung

Et ass net nëmme wichteg, Stroum hierzestellen, mee och ze spueren. Luuchtepottoe sollen net déi ganz Nuecht iwwer liichten, wann se net gebraucht ginn. An anere Stied ginn dofir Beweegungsmelderen op d'Luuchtepottoen installéiert. D'Luucht gëtt da genotzt, wann se och gebraucht gëtt. Dës Weidere muss iwwer an deenen nächste Joren op LED ëmgerëscht ginn.

Liewensqualitéit verbesseren

Lokal Veräiner ënnerstëtzen

Lokal Veräiner sinn d'Séil vun eiser Gemeng. D'Gemeng muss eis Veräiner ënnerstëtzen, och finanziell. D'Subsiden un d'Veräiner sollen no faire Krittäre verdeelt ginn.

Wat d'Gemeng bezilt, muss jidderengem zegutt kommen

Ëffentlech Sportplazen a Gebaier, déi mat Steiersue finanzéiert ginn, mussen och der Ëffentlechkeet an aner Veräiner op Demande zur Verfügung kënne gestallt ginn an net exklusiv vun e puer auserwielte Veräiner. D'Tribünen oder d'Buvette, déi d'Gemeng bezuelt huet, muss och vun anere Veräiner oder Bierger kënne reservéiert ginn, wann se net gebraucht gëtt.

De Leit eng Plaz ginn

Mir wëllen de Leit eng Plaz ginn, wou si sech fir hir Aktivitéiten an der Gemeng kënnen am Dréchenen treffen. Mir wëlle méi Plaze bauen oder fannen, wou d'Leit sech kënnen treffen. Mir denken do speziell un

- **déi Jonk, mat weidere Jugendtreffpunkten.**
- **eng Maison des Artistes et de la Culture, wou Kënschtler sech eng Zäit laang ophalen a verwierkleche kënnen a wou Ausstellunge kënne gemaach ginn.**

Gratis Wifi

D'Piraten setzen sech dofir an, dass op ëffentleche Plazen, Gebaier a Busarrêten ee gratis Wifi fir d'Awunner:inne verfügbar ass.

Méi Mäert

An anere Stied gesäit een all Woch grouss Mäert, wou lokal a regional Stänn zesummekommen. Dat soll och hei am Land erëm eng Realitéit ginn. Een Dag an der Woch soll esou ee Maart stattfannen. Hei kann ee mat eisen Nopeschgemenge kucken, dass all Dag ee Maart zouesch aanescht ass, fir esou den Händler eng sécher Planung z'erméiglechen.

Eng Gemeng am Service vum Bierger

Et muss fir d'Awunner méiglech sinn, hir Demarchen op der Gemeng och ausserhalb vun den traditionelle Bürosstonnen ze maachen, soudass d'Leit sech net extra musse Congé huelen, fir op d'Gemeng ze goen. Entweder andeems een d'Ëffnungszäite vun de Büroen op de Gemenge méi flexibiliséiert oder andeems een d'Demarchen, esou wäit et geet, op digitalem Wee ubitt.

Historesch Gebaier mat Liewe fëllen

Historesch Gebaier gehéieren zum Stadbild vun enger Gemeng an erziele vill iwwert d'Geschicht vun enger Uertschaft. Gebaier, déi net méi genotzt ginn, sollten net eidel stoen, mee erëm mat Liewe gefëllt ginn, andeems een se renovéiert an notzt, fir dass hei Gemengeservicer, Veräiner oder Geschäfter kënne Plaz huelen.

Gratis Sproochecoursen

Ech ka mech besser an enger Gemeng abréngen, wann ech d'Sprooch beherrschen. Wat méi Bierger d'Sprooch schwätzen, wat méi Leit sech austausche kënnen an och besser matenee liewen. Gratis Lëtzebuergesch-Coursen sinn an eisen Ae wichteg, fir eisen net-lëtzebuergesche Matbierger d'Méiglechkeet ze ginn, fir sech an eiser Gemeng besser kënnen anzebréngen.

Besser Inclusioun vun neie Matbierger

Nei Matbierger sollen aktiv an d'Gemengeliewe mat agebonne ginn. Eng Iddi ass et, fir de Leit eng Broschür matzeginn, een se iwwert hir Rechter a Flichten informéiert.

Zentral Ulafstell fir Zesummeliewen

D'Leit sollen d'Méiglechkeet kréien, fir eng zentral Ulafstell ze kontaktéieren, wou se allgemeng Infoen zum Liewen an der Gemeng kënne kréien oder wou se eng Hëllef kënne kréien, fir Aktivitéiten an der Gemeng z'organiséieren. Dës Ulafstell soll och d'Benevolat an der d'Gemeng ënnerstëtzen an Aktiounen organiséieren, fir Leit an Nout ze hëllefen. Dat kann eppes Einfaches sinn, wéi zum Beispill eelere Persoune bei hiren Akeef ze hëllefen, mat Persoune spadséieren ze goen oder Elengerzéiende mat der Garde vun hire Kanner ze hëllefen.

Eng Kantin fir all eis Kanner

Zënter leschtem Joer ass d'Iessen an der Maison relais iwwerall am Land gratis. Dat ass flott, mee net all Eltere kruten eng Plaz an der Maison relais. Fir dass all Famillje vun där Offer kënne profitéieren, mussen esou schnell wéi méiglech

Kantinnen opgoen, déi net un d'Maison relais gebonne sinn, fir d'Kanner wärend de Mëttegstonnen ze betreien. Dat géif och den Elteren hëllefe fir endlech kënnen ze schaffen.

Kannerbetreiung no der Schoul

Fir den Elteren an och de Veräiner an eiser Gemeng d'Liewen z'erliichteren, wëlle mir ee Service op d'Bee stellen, deen d'Kanner no der Schoul op Trainingen oder de Musikënneriicht bréngt.

Ëffentlech Toilettë fir jiddereen

Mir wëllen op zentrale Plazen, wou vill Leit zesummekommen (Maartplazen, Spillplazen, asw.) ëffentlech Toiletten opriichten.

Transport & Mobilitéit fir jiddereen

Contournement Käerjeng

De Contournement fir Käerjeng ass lo zënter Joerzéngten a Planung. Et goufe vill Suen fir ganz vill Etüden zum Contournement gemaach an egal, wéi een et dréint, wäert dëse Contournement een Impakt op d'Natur hunn. Och d'Tunnelvariant ass net ëmweltneutral: fir een Tunnel ze bauen, muss Buedem ausgegruewe ginn, dee Buedem muss dann oftransportéiert ginn. Och dës Variant ass dofir net ganz ëmweltfrëndlech.

De Contournement eleng ass och keng Wonnerléisung, mee e verschiibt de Problem vum Transitverkéier nëmmen op eng aner Plaz. Déi richteg Léisung fir den Transportproblem ass an eisen Aen, dass manner Leit iwwerhaapt mussen den Auto benotzen, fir op d'Schaff bis an d'Stad ze fueren. Dofir soll elo schonn dofir gesuergt ginn, dass de Bustransport tëschent der Bomecht bis bei d'Wirtschaftszon weider ausgebaut gëtt. Mir brauchen net op de Contournement ze waarden, fir domadder unzefänken. D'Zil muss et sinn, dass wärend de Spëtzenzäiten all 10 Minutten ee Bus op där Axe fiert. Dëse Bus dierf dann och net mat den Autoen am Stau stoen, mee muss eng eege Spuer oder Streck kréien, fir schnell duerch de Beruffstrafic ze kommen.

Referendum zum Contournement

Falls de Contournement nach Joren op sech waarde léisst, wëlle mir Piraten d'Leit aus de betraffenen Uertschaftsdeeler an engem Referendum froen, ob si zum Projet stinn oder net.

Féngeg, Kéinzeg a Lénger net vergiessen
D'Transportoffer an eise ländlechen Uertschafte kann och nach verbessert ginn. Virun allem den Uschloss un d'Käerjenger Gare muss vun iwwerall aus komfortabel sinn. Mir géifen hei ee Shuttlebus opstellen, deen eis Dierfer besser mam Rescht vun der Gemeng vernetzt.

Schoultransport ouni Ofgaser
Fir d'CO2-Bilanz an d'Ofgaser ze reduzéieren, wëlle mir, dass d'Gemenge fir de Schoultransport op klimaneutral Elektro-Busser setzt.

Wunnen zu Käerjeng méiglech maachen

D'Gemenge musse méi Wunnraum schafen
Eis Gemeng muss selwer méi aktiv um Wunnmarché ginn, fir deene Leit ze hëllefen, déi an eiser Gemeng opgewuess sinn an hei eng Plaz sichen. D'Gemeng soll dofir selwer Bauterrainen opkafen, fir Wunnengen drop ze bauen oder bauen ze loossen.

Mietkauf erméiglechen (10€/m2)
D'Piraten wëllen, dass souvill Leit wéi méiglech eng eege Wunneng kënne kafen, fir sech iwwert d'Zäit ee Kapital kënnen unzespueren, well dat an eisen Aen déi eenzeg Méiglechkeet ass, wou een de Leit eng wierklech Fräiheet an Onofhängegkeet gëtt. D'Gemenge kënnen heifir d'Optioun vum Mietkauf fir 10€/m2 ubidden.

1. Beim Ënnerschreiwe vum Mietkontrakt tëschent der Gemeng an dem Locataire gëtt de Wäert vun der Immobilie am Kontrakt festgehalen.
2. All Mount, deen ee Locataire esou als Loyer (10€/m2) bezilt, kritt e gutt geschriwwen.
3. Wann de Locataire d'Wunneng kafe wëll, bezilt en de Wäert vun der Wunneng minus dat, wat e schonn als Loyer ubezuelt huet.
4. D'Gemeng behält natierlech dat komplett Virkafsrecht op der Wunneng.

Gutt wunnen a gutt liewen
D'Pirate fuerdere bei all neiem Quartier, dass op een e Mix tëscht Wunnen, Schaffen a Liewen opgepasst gëtt. Nei Wunngebaier a Residencë solle multifunktionell sinn an direkt mat Crèchen, Dokteschcabineten,

Geschäfter oder Büroen equipéiert sinn. All neie Quartier soll ee klengen, naturnoe Park kréien, wou d'Kanner sech austoben an déi Erwuessen een Treffpunkt hunn.

Nei Wunnformen erméiglechen

D'Bautereglement an eiser Gemeng muss un den aktuelle Stand vun der Technologie ugepasst ginn an nei Bauformen erlaben. Nei Forme vun energeetescher Renovatiounen (zum Beispill duerch d'Vergréisserung vun der Aussenhüll vun engem Gebai) mussen erlaabt ginn. D'Piraten sinn oppe fir all nei Wunnformen, Technologien a Locatiounsmodeller, wann se technesch realiséierbar sinn an op der Plaz Sënn maachen. Tiny Houses sinn zum Beispill zu Kéinzeg oder Féngeg méi schnell realiséierbar, wéi am Zentrum vu Bascharage.

Prekäert Wunnen net toleréieren

Och wann all Léisung zielt, esou dierfe mer net zouloossen, dass d'Mënschen a prisongsähnleche Konditioune liewen. D'Gemeng muss fir ee Minimum u Liewensqualitéit suergen. D'Gemeng ka kontrolléieren, wéi vill Leit tatsächlech op enger Adress ugemellt sinn an och wéi den Zoustand vum Gebai ass.

Alternativen zu Altersheemer

Mir wëllen de Leit ee schéinen drëtten Alter erméiglechen, woubäi si esou laang wéi méiglech solle fräi an onofhängeg kënne liewen. Mir setzen eis dofir an, dass méi Wunnengsprojete fir Senioren hei an der Gemeng op d'Bee gestallt ginn, nom Stil vu Wunngemeinschaften, betreitem Wunnen oder dem Beienhaus.

Sécherheet verbesseren

Ee Police-Kommissariat fir Käerjeng

Käerjeng brauch erëm een eegent Kommissariat, dat 24/7 fir d'Leit op ass.

Méi Policepresenz an eise Stroossen

D'Piraten schwätzen sech kloer fir méi Policepresenz an de Gemengen aus. An eise Problem-Quartiere solle Police-Patrullen an och Gemengebeamte reegelméisseg patrulléieren a fir Uerdnung a Sécherheet suergen.

Präventioun: méi Street Worker

Et dierf ee Mënschen, déi op der Strooss liewen, net all an een Dëppe geheien. Et muss ee kloer differenzéieren tëschent Mënsche mat kriminellen Absichten a Mënschen, déi et aus eegener Kraaft einfach net vun der Strooss packen. Keen dierf wéinst senger sozialer Situatioun verurteelt ginn a grad dëse Leit muss eis Gesellschaft Perspektive bidden! Eng Gesellschaft ass nëmmen esou staark wéi säi schwächste Glidd. D'Piraten setzen dofir op den Asaz vun Hëllefsorganisatiounen a Street Worker, déi fir d'Leit op der Strooss do sinn an den éischte Schrëtt sinn, fir hinne vun der Strooss ze hëllefen.

Baulech Moossname fir ee bessert Sécherheetsgefill

D'Gemeng kann op Plazen, déi onheemlech sinn, iwwert d'Gestaltung vun der Ëmgéigend fir ee bessert Sécherheetsgefill suergen. Heiansdo hëlleft déi richteg Beliichtung, heiansdo ass et d'Vergréisserung vum Trottoir oder d'Opmaache vun engem klenge Commerce an eidelen Zonen, dee fir eng Verbesserung suergt. Hei soll d'Gemeng zesumme mat de Bierger:innen déi Plazen identifizéieren, déi baulech solle verbessert ginn.

Sécherheet op eise Stroossen

Op Stroossen, wou net soll gerannt ginn, brauche mer baulech Moossnamen, fir dass d'Leit sech och un d'Geschwindegkeet halen. Donieft sollen och geziilte Vitesskontrolle gemaach ginn, fir d'Leit ze sensibiliséieren.

Déiereschutz héich halen

Fir eng modern & ethesch korrekt Juegd

D'Piraten si géint d'Klappjuegd a wëllen d'Juegd hei am Land am grousse Ganzen aneschters a méi am Respekt mam Wëlldéier ugoen. Dobäi sollen alternativ Juegdmethoden zum Asaz kommen. D'Gemeng kann op deene Grondstécker, op deene si Proprietär ass, d'Juegdlouse selwer iwwerhuelen, professionell Jeeër op dëse Plazen asetzen an op Klappjuegte verzichten. D'Gemeng kann nom Juegdgesetz souguer ee Juegdverbuet op dësen Terrainen

duerchsetzen.

Méi Muppentoiletten
Grad am urbane Raum musse méi Muppentoiletten an och Tute fir Hondskot ze fanne sinn.

Opmaache vun engem Déierenhotel
Vill Leit brauchen an der Vakanzenzäit een Déierenhotel. Et gëtt därer awer zimmlech wéineg hei am Land. Käerjeng kann hei zum Virreider ginn a selwer esou een Hotel fir Déieren opmaachen.

Een Déierekierfecht fir Käerjeng

Opfangstatioun fir Wëlldéieren
Fir dass d'Leit net ëmmer bis op Diddléng musse fueren, wëlle mir, zesumme mat eisen Nopeschgemengen, eng Opfangstatioun fir Wëlldéieren opmaachen.

Obligatoreschen Chip fir Hënn a Kazen
All Hond an all Kaz mussen identifizéierbar sinn an dofir gechippt ginn. An all Gemeng muss dofir och eng Ulafstell existéieren, wou een Chipliesegerät ze fannen ass, fir d'Besëtzer vu verluerenen Hausdéieren ausfënneg kënnen ze maachen.

D'Steriliséierung vu Kazen a Muppe soll vun der Gemeng ënnerstëtzt ginn
Et ass am Interessi vun Déier a Mënsch, dass mer d'Déiere steriliséieren, fir net ze vill Nowuess ze hunn, ëm déi sech herno kee këmmert. D'Gemeng huet een Interessi drun, dass Hausdéieren sech net onkontrolléiert fortplanzen. Fir déi Leit, déi sech eng Steriliséierung net leeschte kënnen, soll d'Gemeng d'Käschte vun der Sterilisatioun iwwerhuelen.

Keng Déieren am Zirkus
D'Piraten refuséieren Haltung, Dressur an d'Präsentatioun vu wëllen Déieren am Zirkus grondsätzlech. Et gëtt, ausser der mënschlecher Kuriositéit, kee Gronn, fir wëll Déieren aus hirem Habitat ze rappen an onnatierlech Presentatiounen ënnert Stress iwwert sech mussen ergoen ze loossen. Mir fuerderen dofir e konsequent Verbuet vu wëllen Déieren an Zirkussen. Eis Gemeng soll op sengem Territoire keen Zirkus erlaben, wou Déieren exposéiert ginn.

Eng respektvoll Fëscherei

D’Pirate setzen sech fir nohalteg Fëschermethoden an. An de Gemengen, wou een a Flëss, Baachen, Séien a Weiere ka fëschen, soll d’Gemeng ee Fëscherschäin aféieren, fir d’Wëlderen ze verhënneren an eng gewësse Kontroll iwwer d’Fëscheraktivitéiten ze hunn. D’Gemeng soll och, zesumme mat de Fëscherveräiner, Coursen organiséieren, fir d’Aangeler iwwert d’Reegelen an den Déiereschutz z’informéieren. D’Method vum Catch & Release, also dem Fänke vu Fësch, just fir se erëm fräizeloossen, soll bei eis verbuede ginn.

Altersheem, wou Déieren akzeptéiert sinn

Déiere si fir vill Leit eng psychologesch Ënnerstëtzung. Och an eisem Altersheem sollte mer kucken, dass d’Leit a Kontakt mat Déiere bleiwen. Dat muss net an den Zëmmere sinn, mee dat kann eng Plaz am Altersheem sinn, wou d’Déiere mat de Leit a Kontakt kommen.

Eng Primm fir Leit, déi Déieren aus engem Déierenasyl adoptéieren